N°3141
Entrée le 01.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister, vun der Verdeedegungsministesch a vun der Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3141 vum 31. Oktober 2025 vum honorabelen Députéierten Jean-Paul Schaaf**

1. **Gedenkt d'Regierung, am Kader vum Neibau, respektiv dem Ëmbau vun de Spideeler Kapazitéiten fir ënnerierdesch Noutspideeler virzegesinn?**
2. **Falls jo, wat wier de budgetären Impakt vun esou Konstruktiounen?**

D'Lëtzebuerger Autoritéite suivéieren d'Diskussiounen zu dësen Themen, déi an eisen Nopeschlänner gefouert ginn. Et ass an deem Kontext aktuell awer net virgesinn, speziell bommesécher Kapazitéiten an de Spideeler ze schafen. Et ass deemno och kee spezielle Budget dofir virgesinn.

Allerdéngs mussen d'Spideeler sech esou opstellen, datt se d'Patienten am Fall vun enger Kris no Méiglechkeet weider behandele kennen. Dëst gëllt virun allem fir déi urgent Behandlungen. Hei gëtt vun de Spideeler erwaart, datt se robust si géintiwwer plausibele Stéierungen. Dës kënne souwuel en ongewollten, wéi och e béiswëllegen Ursprong hunn. Pertinent sinn dobäi beispillsweis Situatiounen an deenen et Problemer gëtt mat der Stroum- oder Waasserversuergung, Impakter op déi digital Infrastrukturen an och e massiv erhéichten Undrang vun ze behandelnde Patienten.

Dëst Virgoen entsprécht de Virgaben aus der europäescher Direktiv zu de kriteschen Entitéiten (Directive (EU) 2022/2557) an den Ufuerderunge vun der NATO an dësem Domaine.

Am Kader vun der Planifikatioun vun de sanitäre Besoine gesäit de Projet de loi 8575 d'Schafe vun 200 sougenannten « lits de réserve sanitaire » an der Spidolskapazitéit vir. Dës Better si geduecht fir bei aussergewéinleche Situatiounen (Katastrophen, Pandemien, international Krisen, ...) an den Asaz ze kommen.

Fir jidder vun de 4 Centres hospitaliers zu Lëtzebuerg (CHdN, CHEM, CHL, HRS) sinn deemno 50 « lits de réserve sanitaire » virgesinn, fir op d'sanitär Besoinen, ausgeléist duerch eng Krise wéi am Spidolsgesetz definéiert, ze äntweren.

3. **Falls jo, wat ka vun deenen Ausgaben als Verdeedegungsausgabe geltend gemaach ginn?**
4. **Falls net, wisou well d'Regierung am Kader vun hirem Resilienzplang net opdee Wee goen?**

Ausgaben, déi de Staat am Kader vun der Ëmsetzung vun der Resilienzstrategie huet, a gläichzäiteg engem militäreschen Notzen déngen, kënnen deelweis oder integral als NATO-Verdeedegungsausgaben (3,5%), respektiv Investitiounen a Relatioun mat Verdeedegung a Sécherheet (1,5%) ugerechent ginn. D'Analys vun eligibelen Ausgaben an deem Kontext fënnt permanent statt, an Ofsprooch mat den zoustännege Gremie bei der NATO.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Lëtzebuerg, den 1.Dezember 2025

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN